



Op der Schock, société coopérative stellt an:

**1 Encadrant fir eis Atelier'en Fieder-Liicht an Kreativ, CDD 1 Joer ab dem 01/01/2027
(remplacement congé maternité/parental) 20-30 St./Woch fir eisen Atelier d'inclusion
professionnelle zu Réiden – REF: COOP202603**

Missioun:

Atelier Fieder-Liicht

- Iwwersetzen vun Texter an d'liicht Sprooch
- Leeden vun eise Präiwgruppen vu Mënsche mat spezifesch Bedierfnisser:
 - déi Texter an der liichter Sprooch präiwen an upassen
 - déi touristesch Angeboter testen a Virschléi maache wéi des kënne méi inklusiv gestallt ginn
- Projeten am inklusiven Tourismus mat ausschaffen
- Austausch mam Client

Atelier Kreativ

- Zesumme mat engem Grupp vu Mënschen mat enger intellektueller Beanträchtegung kreativ Produkter fir den Verkaaf an eise Buttek hierstellen
- Encadrement vum Grupp:
 - Ënnerstëtzung bei der Ausféierung vun den Arbechten,
 - Dépistage a Förderegung vun de Fähegkeeten an Interessen vun Mënschen mat intellektueller Beanträchtegung
 - Förderegung vun der alldeeglecher Selbständegkeet an de Sozialkompetenzen
- Eng kreativ Produktioun fir den Verkaaf an eise Geschäft opbauen

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom am pädagogesche Beräich (zb.Erzéier)

oder Berufserfahrung an der Begleedung vu mat Mënsche mat intellektueller Beanträchtegung
- Kenntniss vun der liichter Sprooch, respektiv Loscht sech an dee Beräich anzeschaffen
- Kreativitéit an Bereetschaft fir nei Iddien auszeschaffen
- Eng respektvoll, léisungsorientéiert a wohlwollend Haltung an der Aarbecht
- Fähegkeet hunn autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Freed an Engagement an der Aarbecht
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen
- Humor, Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- Gutt PC-Kenntniss

Konditiounen:

- CDD fir 1 Joer als Remplacement am Kader vun engem Congé de maternité/parental ab dem 01/01/2027, mat méiglecher Perspektiv op eng Verlängerung vum Kontrakt
- Salaire a Konditiounen vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot



Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, schéckt Är Demande (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10
L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: recrutement@ods.lu

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach. Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren. Tel: 26 62 18 81 E-mail: recrutement@ods.lu